# D'Net-Erhéijung vum Mindestloun verschäerft d'Kanneraarmut an d'Bildungsongläichheeten

Am Kontext vu steigende Liewenskäschten ass d'Tatsaach, dass d'Regierung keng strukturell Erhéijung vum Mindestloun duerchféiere wëll, sozial onverantwortlech. Dës politesch Decisioun trëfft virun allem déi Familljen, déi schonn elo mat niddrege Revenuen ze kämpfen hunn, an dréit dozou bäi, d'Kanneraarmut zu Lëtzebuerg weider ze verschäerfen.

An eise Schoulen ass dës Entwécklung scho laang Realitéit. D'Personal aus dem Educatiounsberäich stellt eng zouhuelend Prekaritéit fest: de Gini-Koeffizient geet zënter enger Rei Joren ëmmer méi an d'Luucht, a mëttlerweil ass all 4. Kand zu Lëtzebuerg vum Aarmutsrisiko betraff. Dës Ongläichheeten hunn en direkten Impakt op d'Léiere, d'Wuelbefannen an d'Entwécklung vun de Schüler, an domat och d'Bildungschancë vun eise Schüler.

Den Observatoire de l'Enfance, de la Jeunesse et de la Qualité Scolaire (OEJQS) ënnersträicht an senge Analysen, dass sozial Ongläichheeten eng zentral Ursaach vu Bildungsongläichheeten sinn. Wann de Mindestloun net méi duergeet fir dezent hei zu Lëtzebuerg kënnen ze liewen, a gläichzäiteg d'Lounschéier ëmmer weider ausenee geet, gëtt dës Problematik nach verstäerkt, an d'Schoul gëtt ëmmer méi zum Spigelbild vun enger sozial gespléckter Gesellschaft.

D'Schoul kann awer net all Mëssstänn ausgläichen, déi an der Gesellschaft entstinn. Kanneraarmut ass keng Fatalitéit, mee d'Resultat vu politesche Choixen. D'Net-Erhéijung vum Mindestloun ass eng bewosst Entscheedung mat schwéieren Auswierkungen op déi jéngst Membere vun eiser Gesellschaft.

Als SEW/OGBL ënnerstëtze mir dowéinst d'Fuerderung fir eng direkt an substantiell strukturell Erhéijung vum Mindestloun. Parallel dozou mussen och de REVIS an d'Mindestrent ugepasst ginn. D'Allocation de vie chère muss endlech indexéiert ginn an et musse konkret Mesuren géint dee permanenten Noutstand beim Wunnen geholl hinn. Dës Mesurë sinn onëmgänglech fir konkret géint Kanneraarmut virzegoen an domat d'Bildungschancë vun alle Kanner ze stäerken.

***Matgedeelt vum Syndikat Erzéiung a Wëssenschaft am OGBL (SEW/OGBL),***
***de 29. Abrëll 2026***

**Département Communication & Presse – Olivier Landini**
31, rue du Fort Neipperg / B.P. 2031, L-1020 Luxembourg / T. +352 54 05 45 262 / F. +352 54 05 45 280
**ogbl.lu** — facebook: ogbl — twitter: ogbl_luxembourg